



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

D'Gadderscheier ass mat bal 2,80km² eng vun de gréissten Industriezonen am Land. En Deel dovunner gëtt zënter méi wéi 100 Joer als Dreckstipp vun der deemoleger ARBED (haut ARCELOR-Mittal) benotzt.

Et sinn am Ganze siwe verschidden Deponien um Site vun der Gadderscheier, déi dacks just mat engem Betrib, deen Holz verschafft, a Verbindung bruecht gëtt. Hei stinn awer nach aner problematesch Betriber. Ee vun deene vermëscht z.B. Äschen a Schlaken, déi op der Sidor an den Héichiewen ufalen, zu enger Emulsioun, déi duerno op de Stroossen als Goudron verschafft gëtt. Um Firmenareal gesäit een zäitweis groe Stébs leien.

Ofgesi vum Kaméidi, beschwéiere sech d'Leit aus der Ëmgéigend iwwert d'Loftverschmutzung an de Gestank vu Chemikalien, well dat der Gesondheet an der Liewensqualitéit schuet. Esou reklaméiere vill Awunner vu Suessem an Zolwer zënter Jore bei der Gemeng Suessem, vun där si gesot kréien, si wieren net responsabel, do misst een eng Plainte beim Ëmweltministère maachen.

An deem Kontext wéilte mir der Madamm Ëmweltminister gär folgend Froe stellen:

1. Gouf jeemools e Kaméidimonitoring op deem Site gemaach? Wa jo, wéini a mat wat fir Resultater? Wann nee, firwat net?
2. Ginn et Donnéeën iwwert d'Ausmooss vun der Loftverschmutzung um Niveau vu Partikelen, Fasere a Gëfter um ganze Site? Wa jo, wéi hunn dës iwwert d'Joren evoluéiert? Wann nee, firwat net?
3. Ginn et Donnéeën iwwer d'Verknaschtung vum Grondwaasser a vum Buedem duerch Schwéiermetaller oder chemesch Substanzen, wéi z.B. Dioxin-Bestanddeeler, Néckel oder Ammoniak? Wa jo, wéi hunn dës iwwert d'Joren evoluéiert? Wann nee, firwat net? Fir wéi schlëmm kann een déi Belaaschtungen aschätzen?

4. Ginn dës Saache systematesch kontrolléiert? Wa jo, firwat gi keng Resultater verëffentlecht? Wann nee, firwat net?
5. Ass virgesinn, datt verschidden Deeler vum Site solle sanéiert ginn? Wa jo, wat fir eng a wéini soll dëst geschéien?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten